# Liesnuecht an der Schoul

E Freideg, de 25.Abrëll war an der Schoul nees eng **Liesnuecht** ugesoot. Dorop freeën séch d'Schülerinnen a Schüler all Joer.

Dëst Joer waren d'Elteren invitéiert. Si kruten vun de Kanner virgelies. Do haten vill Kanner e Kribbelen am Bauch! Mee , no deenen laachenden an zefriddene Gesiichter vun den Elteren ze urtelen, haten si hir Saach wuel gutt gemaach.

Duerno waren lëtzebuerger Schrëftsteller zu Gaascht: am Cycle 2 de Rudi Schubert mat sénge musikalische Geschichten, am Cycle 3 d'Yvette Moris, an am Cycle 4 d'Viviane Daman. Alleguer hun si d'Kanner mat hire Geschichten an hire Bann gezun.

No verschiddenen Atelier'en an de Klassen sollt eigentlech geschloof gin. Mee wéi dat esou ass; d'Kanner waren nach schéi midd deen anere Moien!

Eugenie Graff


FRANCE




Die Wörter lassen sich
in zwei Gruppen einteilen:
Die kleinen Wörter
Verben
Nomen
Artikel,
Pronomen
Adjektive
Adverbien
Präpositionen
Adverbien
Konjunktionen
Präpositionen
westermann

